Clubmeeschterschaft

Haut Samschdes den 21. September 2013 haten mir eis am Heischenter Gron getraff fir déi éischten Manche vun der Clubmeeschterschaft vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg auszedroën. Et haten sech am Ganzen 13 Fëscher dëser Erausfuerderung gestallt an sin ungetrueden fir den Clubmeeschter fir d´Joër 2014 ze ermëttelen. Nodeems et an leschter Zäit vill gereent hat wor fir dësen Samschden schéint Hierschtwieder viraus gesot an esou sollt et dann och antrieden. Den Dag ass ungaangen ewei sech dat am Hierscht gehéiert mat Niwwel an der Fréih, ewei sech dësen awer dun verzun hat stung éngem schéinen Dag mat vill Sonn näischt méi am Weë. Mir haten eis am Hotel Bissen getraff fir bei énger gudder Taas Kaffi den Plang fir den Dag opzestellen. Eisen Sekretäir, den Erny, huet deen néidegen Pabeierkrom bewirstellegt deen virum eigentlechen Mätsch unfällt an den Jeek, den Robert an den Luss, hun d´Stänn gesat fir dass all Fëscher déi vun him gezunen Plaz konnt anhuelen, an schon ass et las gaangen. Fir d´éischt hun d´Fëscher awer hir Staangen präparéiert an dat ass schon éng Wëssenschaft fir sech. Déi éng hun hirt Gléck mat drechen Mécken probéiert ewoubäi déi anner léiwer op een System mat naassen Mécken gebaut hun.

HOTEL BISSEN
Dickirch Restaurant-Pizzeria Am Gronn

BISSEN

Ewei all Joërs huet déi éischten Manche am Fléissgewässer op der Uewersauer stattfond op der No Kill Streck vum Fëscherclub Pecheurs Ardennais vun Woltz. Dëst Joër wor bedéngt duurch den villen Reen an leschter Zäit och genuch Waasser an der Uewersauer esou dass éngem spannenden Mätsch näischt méi am Weë stung. An der éischter Manche sín net ganz vill Fësch gefaangen gin wat och ob déi frësch Temperaturen zeréck ze féieren wor. Nom Mëttegiessen an dun d´Sonn erauskomm an direckt konnt een och parallel dozou déi éischten Gobagen gesín an et sín vill méi Fësch gefaangen gín. Leider wor genee ewei an der Vergaangenheet och dëst Joër erëm vill kléng Forellen dobäi déi d´Mooss net haten an och ewei schon déi Joëren virdrun woren erëm Päerd an der Wis ënnerbruecht déi esou muneschen Fëscher zur Verzweiflung gedriwwen hun ewell Sie ganz interesséiert an unhängeg woren, heivunner konnt den Jemp een Lidd sangen ewell Hien haten d´Päerd ganz besonnesch an d´Herz geschloss wat Him d´Fëschen net méi liicht gemeet huet.

Noh der éischter Opreegung haten mir eis dun awer éng kräfteg Stärkung verdéngt, hei hat dun d´Stonn vun der Revanche geschloën an den Jemp konnt sech fir déi vill Ëmstänn ewou Hien beim Waasser hat revanchéieren andeems Hien sech säin Steak de cheval à l´ail gudd schmaachen gelooss huet, an ewei mir dun schon dobäi woren huet den Jemp dann och éng Riesenportioun Glace "Coupe Colonel" verdrëckt ewell schliesslech hat Hien jo och am Meeschten geliden. Den Yvon huet dann och ofschléissend treffend bemierkt, dass bei deenen villen kléngen Forellen legedlech den Bifdeck déi richteg Mooss gehat hät an huet sech dësen dun och gudd schmaachen geloos. Jee ech méngen déi Zäit teschent den Manchen wor mindestens grad esou unstrengend ewei d´Fëschen selwer an um Weë duerno bei d´Waasser haten d´Fëscher net nëmmen schwéier un hirem Geschirr ze schleefen. Mëttes ass et dun ewei gesot vill besser beim Fëschen gaangen, och wann nach ëmmer kléng Forellen gefaangen gin sín wor dun awer och eemol déi Éng oder Anner dobäi déi gezielt huet.

Ofschléissend hun mir eis an énger labberer Ron zesummen gesat an eisen Präsident, den Jeek, huet d'Resultater ausgerechent an dës dun och proklaméiert. Elo gëlt et zu Rabais wann déi zweeten Manche am Stëllgewässer gefëscht gët et hei míndestens grad esou gudd ze maachen, dann steet och dëst Joër éngem interessanten Mätsch näischt méi am Weë.

Ofschloss Resultat von der éischter Manche:

Numm	gefaangen Fësch	Punkten	Plaz
Luss Dilk	6	282	1
Änder Jung	4	207	2
Rol Ries	3	182	3
Jeek May	3	160	4
Jemp Nicolas	3	158	5
Holger Hansen	2	146	6
Mich Gilson	2	124	7
Marc Duton	1	96	8
Raymond Thoma	1	92	9
Jemp Hoffmann	1	84	10
YvonErpelding	1	83	11
Robert Bevot		45	12
Raym Paulus		45	12